

	18^e séance	Présidence
	Jeudi 13 décembre 2001	M. Jean Spautz , Président M. Niki Bettendorf , Vice-Président M. Willy Bourg , Vice-Président

Ordre du jour

1. Communication
2. Débat d'orientation sur l'avenir de l'Europe (*Discussion générale – Motions et résolution – Votes*)
3. Projet de loi 4732 déterminant les contributions de certains prestataires de soins à l'assainissement financier de l'assurance-maladie et modifiant le Code des assurances sociales (*Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale – Discussion générale – Lecture du texte du projet de loi – Vote et dispense du second vote constitutionnel*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; MM. Michel Wolter et Carlo Wagner, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.02 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

1. Communication

Ech wollt der Chamber matdeelen, datt de Justizminister Luc Frieden den 12. Dezember 2001 folgende Projet déposéiert huet:

- *Projet de loi 4884 portant modification du Titre VI intitulé «Règles générales sur l'exécution forcée des jugements et actes» du Livre VII de la Première Partie du Nouveau Code de Procédure Civile.*

Op eisem Ordre du jour vun haut de Moie steet d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Zukunft vun Europa. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt.

Et si bis elo ageschriwwen déi Häre Wiseler, Fayot, Henckes, Huss, Bisdorff a Santer.

D'Wuert huet den Här Paul Helminger, President vun der Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense.

2. Débat d'orientation sur l'avenir de l'Europe

M. Paul Helminger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass elo bal e Joer hier, zënter datt d'Stats- a Regierungschefen zu Nice, à l'arraché, en Accord fonnt hunn, fir de Wee fir d'Osterweiderung opzemaachen. Zu Nice ass awer och festgehale ginn, datt bis d'Joer 2004 eng nei Regierungskonferenz soll zesumme kommen. Deemools sinn och déi véier Haaptaxe festgehale gin, déi am Zentrum vun deenen Diskussiounen an Négociatioune solle stoen iwwert d'Zukunft vun Europa.

Dat ass eng méi kloer Opdeelung vun de Kompetenzen a Responsabilitéiten tëschent eben där Europäescher Unioun an de Memberstaten,

eng Verstärkung vun der Roll vun den nationale Parlamenter,

eng Vereinfachung vum europäesche Vertragswierk a schlussendlech

eng Décisioun iwwert de Statut vun der Charte des droits fondamentaux.

D'Deklaratioun Nr. 23, déi un den Traité vun Nice annexéiert ginn ass, huet awer och virgesinn, datt am Sënn vun enger méi grousser Transparenz a vu méi Demokratie an Europa déi europäesch Bierger méi staark an deen Débat iwwert d'Zukunft vun Europa, deen där neier Regierungskonferenz virausgoe soll, matagebonne solle ginn.

De leschte Mäerz huet d'Mme Ausseminister bei hirer Deklaratioun zur Aussepolitik och hir Bereetschaft erkläert, fir zesumme mat der Chamber deen Débat mat de Lëtzebuerger, a mat allen déi bei eis liewen, ze féieren. D'Chamber huet dann och an deem Sënn eng Resolutioun ugehall.

De leschte Juli virun der Summervakanz hu mer dunn den Traité vun Nice ratifizéiert, an zu gläicher Zäit an duerch de Summer ewech huet d'Commission des Affaires étrangères zesumme mam Ministère des Affaires étrangères e breeden Dialog mat eise Mat-bierger préparéiert. Mir sinn natierlech an eiser Aarbecht bestärkt ginn duerch den iresche Referendum, net datt mer gemengt hätten, datt d'Adhésioun vun de Lëtzebuerger zum Traité vun Nice an domadder zur Europäescher Unioun a Fro géing stoen.

Mä deen „Non irlandais“, wéi all Zeitungen deen Événement betitelt hunn, huet ons op eng ganz besonnesch dramatesch Manéier gewisen, datt d'Kluft tëschent dem Europa vun den Institutiounen an dem Europa vun de Bierger einfach ze grouss ginn ass an datt een d'Adhésioun vun de Bierger zu allem, wat sech an Europa deet a vläicht virun allem wéi et sech deet, net kann als garantéiert ugesinn.